

Evangelium vum 25. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

Mt 20,1-16a

- 1 De Jesus huet senge Jünger dat heite Gläichnes erzielt:
"Mat dem Himmelräich ass et wéi mat engem Haushär,
dee muerges fréi erausgang ass,
fir Aarbechter fir an säi Wéngert ze dangen.
- 2 Hien huet sech mat den Aarbechter
op eng Sëlwormenz den Dag gëeenegt'
an huet si dunn an säi Wéngert geschéckt.
- 3 Wéi hien ëm déi drëtt Stonn erausgang ass,
huet hien anerer gesinn um Maart do stoen
näischt ze maachen,
- 4 an hie sot zu hinnen: 'Gitt och dir an de Wéngert;
ech ginn iech dann, wat dir zegutt hut!'
- 5 Du sinn si dohi gaang.

Wéi den Haushär ëm déi sechst an ëm déi néngt Stonn
nees erausgang ass,
huet hien et d'selwecht gemaach.
- 6 A wéi hien ëm déi eeleft Stonn erausgang ass,
huet hien nach anerer fonnt, déi do stoungen,
an hie sot zu hinnen:
'Firwat sidd dir de ganzen Dag hei stoe bliwwen,
ouni eppes ze schaffen?'
- 7 Si hunn him geäntwert: 'Well keen äis gedangt huet.'
Hie sot zu hinnen: 'Gitt och dir an de Wéngert!'
- 8 Wéi et Owend ginn ass,
sot den Här vum Wéngert zu sengem Verwalter:
'Ruff d'Aarbechter a géff hinnen hire Loun,
ugefaang bei deene Leschte
bis bei déi Éischt!'

- ⁹ Du sinn déi vun där eelefter Stonn komm,
an si krute jiddereen eng Sëlwormänz.
- ¹⁰ Wéi déi Éischt koumen,
hunn si geduecht, si krite méi,
ma och si krute jiddereen nëmmen eng Sëlwormänz.
- ¹¹ Wéi si déi kritt hunn, hunn si iwwer den Haushär geknoutert
- ¹² a soten: 'Déi Lescht hei hunn eng eenzeg Stonn geschafft,
an du hues si d'selwecht behandelt wéi äis,
déi mir d'Laascht vum Dag an d'Hëtzt hu missen erdroen!'
- ¹³ Hien awer huet engem vun hinne geäntwert:
'Frënd, ech doen dir keen Onrecht!
Has du dech net mat mir op eng Sëlwormänz gëeenegt?
- ¹⁴ Huel dat, wat dir zousteet, a géi!
Ech awer wëll deem Leschten hei datselwecht ginn ewéi dir.
- ¹⁵ Däerf ech dann net mat deem, wat mir gehéiert, maachen,
wat ech wëll?
Oder wuermt et dech,
datt ech gutt sinn?'
- ^{16a} Esou ginn déi Lescht déi Éischt."

ⁱ Eng Sëlwormänz war deemools den normalen Dagesloun vun engem Aarbechter.